

Commission de la circulation du 05.06.2024

1. Presenzen

Présent	Absent
Amaral Antonio	Bausch Pele
Eich Nico	
Edert Rick	
Fernandes José	
Huberty Laurent	
Kieffer Aloyse	
Reding Marc	
Sadler Marie (Sekretärin)	
Scholtes Luc	
Wampach Sandra	

Vu dass all d'Memberen do sinn, ass de Quorum fir d'Versammlung ze maachen areecht.

2. Validatioun vum läschte Rapport

De Rapport vun der Versammlung vum 20.03.2024 gouf unanime approvéiert.

3. Réseau RGTR Suivi

Am Kader vun der Analyse vun der RGTR Lignen an eiser Gemeng, géing d'Verkéiserskommissioun gär vum Gemengen a Schäfferot wëssen op d'Ligne 941 bis op Huelmes verlängert ginn?

Fir d'Ligne 941 ass och opgefall dass zu Béiwen Arrêten ewech gefall sinn. Et gëtt just nach en Arrêt beim Lëtschert an als Kommissioun géinge mir et gutt fanne wann nach een Arrêt am Duerf géing dobäi kommen. D'Iddi wier en Arrêt dobäi ze maachen oder de Bus sou fueren ze loossen, dass e laanscht bestoend Arrête fiert. Do huet d'Kommissioun sech d'Fro gestallt op hei eventuell en Arrêt hannert der Bréck kéint dobäi gemaach ginn? Vu dass am Gemengerot schonn heiriwwer diskutéiert gouf, géinge mir gär vum Schäfferot wëssen op dese scho Proposen heifir huet?

De José huet sech informéiert op ee kéint komme losse fir eis den RGTR Réseau z'erklären. Bis lo gouf nach keng Persoun fonnt. Den Aloyse kuckt hei weider ze kommen. Am Oktober 2023 gouf eng Kommissioun gegrënnt, wou ee Virschléi/Proposen iwwer den RGTR Réseau kann era ginn. Et wier eng Iddi mat dësen a Kontakt ze trieden.

4. Feedback vum Schäfferot

Fir de Marienthal: Dëst ass e Projet vu Ponts et Chaussés. Mëttlerweil si Luuchte beim Arrêt.

Reflektieren: D'Kommissioun soll e Relevé vun den Zebrasträife à jour sëtzen. De Rick këmmert sech hei drëms. De Rick këmmert sech och drëms fir en néien Devis unzufroen.

Autonom Fueren: Bis lo kruten d'Gemenge Conter, Lëtzebuerg an Esch esou ee Circulaire. Et wier eng Iddi sech bei dëse Gemengen z'informéiere fir méi Informatiounen zu dësem Thema ze kréien. Den Aloyse iwwehëlt dës Tâche.

5. Verschiddenes

Tënten – Brouch: Wann ee vun Tënten op Brouch fiert gëtt et e klengen Deel wou et keen Trottoir gëtt, wou awer vill Leefer a Foussgänger ënnerwee si fir op de Feldwee virum Gäertner. Hei wollte mir vum Schäfferot wëssen op do eppes kéint ënnerholl gi well dëst zimmlech geféierlech ass.

Mir hunn als Kommissioun festgehale eng Tabelle ze maachen déi mir "Relevé des zones dangereuses" benennen. Dëst soll eng fortlaufend Tabelle sinn déi soll festhale wéini mir op geféierlech Plazen opmierksam gemaach hunn (z.Bsp Beschdrëf – Openthalt). Et erméiglecht eis en uerdentleche Suivi ze maachen. Dës Dokument gëtt warscheinlech op googledrive gesat.

Säit der Woch vum 03.06 funktionéiert de Kiss&Go um Campus Helperknapp. De Kiss&Go ass moies fir d'Kanner ze bréngen an um 12:00 ass de Parking op fir d'Kanner sichen ze goen. An der Moyenne komme momentan moies 3 Autoen. Mir als Kommissioun fannen dass de Flyer gutt gemaach war.

Do wou an der Gemeng Spillstroossen sinn, kënnen d'Awunner sech nemei an d'Strooss parken, soss kréien se e Protokoll. Gett et hei eng Méiglechkeet fir Parkplazen an d'Spillstroossen anzezeechnen?

30er Zone:

De Schäfferot huet sech dogéint ausgedréckt fir konkret Mesuren an den 30er Zonen ze maachen (wéi z.Bsp Knubbelen). Mir sinn der Meenung dass d'Gemeng Verantwortung huet dass sech un dës 30er Zone gehalen gëtt an net just e Schëld "30" dohinner ze hänken. Laut Gesetz ass eng Gemeng obligéiert Saachen z'ënnerhuele fir dass d'Fuerer sech un d'Vitesslimitatioun halen. Mir als Kommissioun wëilten nach eng Kéier gär beim Schäfferot nofroen op heifir eppes virgesinn ass?

- Nächst Versammlung:

Mëttwochs, den 02 Oktober um 20:00 am Gemengesall